

**Réponse de Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice,  
à la question parlementaire n° 590 du 2 avril 2019  
de l'honorable député Sven CLEMENT**

Op e Stéichdatum am Abrëll 2019 waren am Prisong zu Schrasseg an am Prisong zu Givenich zesummen 375 Residenten an 304 Net-Residenten, Untersuchungshäftlingen a Veruerteelter.

Op dee selwechte Stéichdatum gouf et an de Prisongen zu Lëtzebuerg 108 veruerteelt Net-Residenten, vun deenen der 49 eng oder méi Zivilparteien z'entschiedegen haten.

Vun deene veruerteelte Prisonnéier, déi Net-Resident sinn, bleiwen der also 59 déi keng Zivilpartei z'entschiedegen hunn, a vun deene 59 Prisonnéier sinn der 44, déi d'Nationalitéit vun engem Drëttstaat zur Europäescher Unioun hunn.

Well et mat deenen Drëttstaaten, vun deenen déi 44 genannte Prisonnéier d'Nationalitéit hunn, keng bilateral Conventioun ginn ass et ganz schwéier fir si an hiert Hierkonftsland ze transferéieren, fir dass si do hier Prisongsstrof exekutéieren zu där si zu Lëtzebuerg veruerteelt gi sinn. Mee och wa mat deenen Drëttstaate sou Conventiounen géifen ofgeschloss ginn, da misst a wëll Lëtzebuerg awer nach, an all Eenzelfall, vun deem Drëttstaat déi néideg Garantië kréien, dass d'Haftbedingungen konform mat de Mënscherechter sinn, an dass d'Resozialiséierung an deene Länner och en Objektiv vun der Prisongsstrof ass.

D'Gesetz vum 28. Februar 2011 iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vun strofrechtlechen Urteeler déi d'Décision-cadre 2008/909/JAI vum Conseil vum 27. November 2008 betreffend d'Applicatioun vum Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung vu strofrechtlechen Urteeler déi eng fräiheitsentzéiend Strof oder Moosnam virgesi fir d'Strofvollstreckung an der Europäescher Unioun, erlaabt et eng Demande fir d'Vollstreckung vun engem strofrechtlechen Urteil dat géint eng Persoun gesprach ginn ass, déi net d'Nationalitéit vun engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun huet, un dee Memberstaat z'adresséieren, wou déi Persoun gelieft oder legal a permanent während op d'mannst 5 Joer residéiert huet an och dat Residenzrecht behalen huet. An der Praxis ass et esou, dass d'Memberstaaten déi Demande refuséiere wéinst Schwieeregkeeten déi di Persoun huet, fir déi 5 Joer Residenz kënne noweisen, an sou e Rattachement mat deem Staat kënne ze beweisen.

Wat déi veruerteelt Prisonnéier betrëfft, déi d'Nationalitéit vun engem EU-Memberstaat hunn, do ass et esou, dass dat uewe genannte Gesetz an och déi Décision-cadre d'Verbesserung vun de Chancen op eng Resozialiséierung als Finalitéit hunn. Dat Zil gëtt am beschten erreecht, wann déi veruerteelt Persoun hier Strof kann an deem EU-Memberstaat exekutéieren, vun deem si d'Nationalitéit huet a wou se gelieft huet, oder wou si zréck gaangen ass wéinst der strofrechtlecher Prozedur déi géint si zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass.

Et geet hei drëms, fir der spezifescher Situatioun vun all einzelner, veruerteelter Persoun Rechnung ze droen. Dofir gëtt et och keen internationalen Text, den en Automatismus vun der Zréckféierung vun enger Persoun an dat Land virgesäit, vun deem si d'Nationalitiet huet. Ausserdeem muss d'Reschtstrof déi nach ze vollstrecken ass op d'mannst 6 Méint sinn op deem Dag, wou dat Land, an dat déi Persoun soll transferéiert ginn, déi entspriechend Demande kritt huet. Am Laf vun deene leschte 4 Joer si ronn 20 Veruerteelter an hiert Hierkonftsland transferéiert ginn op Basis vun der Décision-cadre 2008/909/JAI.

D'Bestëmmunge vun der Conventioun N° 112 vum Europarat iwwert d'Iwwerstellung vu veruerteelte Persounen vum 21. Mäerz 1983 hunn déi selwecht Finalitéit wéi d'Décision-cadre 2008/909/JAI: et geet drëms, fir d'Resozialiséierung an deem Land ze favoriséieren, vun deem déi Persoun d'Nationalitéit huet. Am Laf vun deene leschten 8 Joer ass kee Veruerteelten an säin Hierkonftsland iwwerstatt ginn ouni säin Averstännhess, sou wéi d'Conventioun N° 112 et virgesäit.

Déi beschte Moosnam fir enger veruerteelter Persoun, déi net Lëtzebuerger ass an déi sech illegal zu Lëtzebuerg ophält, hir Resozialiséierung ausserhalb vu Lëtzebuerg z'ënnerstëtzen ass eng "*libération anticipée*", sou wéi se am Artikel 687 vum Strofgesetzbuch virgesinn ass, wann déi Bedingungen, déi an deem Artikel virgesi sinn, erfëllt sinn.

Et muss och nach ernimmt ginn, dass eng ëmmer méi grouss Zuel vu veruerteelte Prisonnéier déi net Resident sinn no der Halschent oder den zwee Drëttel vun hierer Strof un en aneren EU-Memberstaat iwwerstatt ginn opgrond vun engem europäeschen Haftbefehl.

D'Décision-cadre 2008/947/JAI vum Conseil vum 27. November 2008 betreffend d'Applicatioun vum Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung vun den Uerteeler an anere Probatiounsdecisiounen zum Zweck vun der Iwwerwaachung vun de Probatiounsmoosnamen an den Ersatzstrofen, déi duerch e Gesetz vum 12. Abrëll 2015 zu Lëtzebuerg transposéiert ginn ass, gëtt esou applizéiert, dass déi vum Geriicht operluechten Iwwerwaachungsmoosnamen vu Net-Residenten, déi an der Groussregioun liewen an zu Lëtzebuerg schaffen, vun de Mataarbechter vum Service Central d'Assistance Sociale kontrolléiert ginn. Fir déi veruerteelte Net-Residenten déi méi wäit ewech liewe gëtt den Dossier un déi zoustänneg auslännesch Autoritéiten iwwermëttelt, sou wéi et den Artikel 3 vun der Décision-cadre 2008/947/JAI virgesäit.

Opgeschlüsselt no Hierkonftsland presentéiert sech d'Zuel vun de Net-Residenten esou: Ägypten: 2; Albanien: 1; Algerien: 15; Angola: 2; Armenien: 1; Belgien: 5; Benin: 2; Bosnien: 2; Brasilien: 2; Bulgarien: 2; Cap-Vert: 2; China: 1; Däitschland: 6; Equateur: 1; Frankräich: 35; Gambia: 1; Georgien: 7; Ghana: 1; Griicheland: 1; Guinée-Bissau: 4; Holland: 8; Iran: 3; Italien: 3; Kamerun: 2; Kenia: 1; Kosovo: 2; Kroatien: 1; Lettland: 4; Lëtzebuerg: 5; Liberia: 2; Libyen: 11; Litauen: 13; Marokko: 9; Mazedonien: 2; Moldawien: 1; Montenegro: 1; Niger: 2; Nigeria: 58; Ondétermineiert: 1; Pakistan: 1; Polen: 6; Portugal: 20; Rumänien: 33; Saudi-Arabien: 1; Senegal: 1; Serbien: 7; Slowakei: 1; Spuenien: 3; Süd-Sudan: 1; Syrien: 2; Tunesien: 8; Türkei: 4; Ungarn: 1; Vereenegt Staate vun Amerika: 1.